Monarchie – 12.04.2018

Wousst du, dass Lëtzebuerg deen eenzege Grand-Duché op der Welt ass? Dat war awer och net ëmmer esou.

Viru méi wéi 150 Joer gouf et vill méi Monarchien an domat och Grand-Duchéen op der Welt wéi haut.

Et waren allerdéngs Monarchien, déi anescht ware wéi déi, déi mir haut an Europa kennen. D'Monarche sinn net demokratesch gewielt, mee hunn hir Positioun vun den Eltere geierft. Monarche sinn zum Beispill Kinneken oder Kinniginnen a Grand-Duchessen oder Grand-Ducen.

An der Vergaangenheet haten d'Monarche meeschtens déi total Muecht fir alles an hirem Land ze decidéieren. D'Vollek hat also kee Recht fir matzebestëmmen. Déi Form vu Monarchie nennt een absolut Monarchie. An Europa war et virun allem d'Franséisch Revolutioun viru méi wéi 200 Joer, déi dozou gefouert huet, dass déi Zort vu Monarchie lues a lues verschwonnen ass. Ëmmer méi Länner sinn demokratesch ginn a verschiddener hunn dowéinst hir Monarche verdriwwen, wéi zum Beispill Frankräich. Anerer hu se behal, mee hinnen hir Muecht agegrenzt, wéi zum Beispill Groussbritannien an ebe Lëtzebuerg. Och haut gëtt et awer nach ëmmer absolut Monarchien op der Welt, allerdéngs keng méi an Europa.

Déi Form vu Monarchie, déi mir haut zu Lëtzebuerg hunn, nennt ee parlamentaresch oder konstitutionell Monarchie. Si gëtt esou genannt, well mir zwar nach ëmmer ee Monarch als Staatschef hunn, nämlech de Grand-Duc, mee hien awer keng Gesetzer méi eleng maachen dierf. D'Gesetzer gi nämlech am Parlament, also an der Chamber, gestëmmt.

D'Muecht vum Grand-Duc ass duerch Gesetzer an haaptsächlech duerch eis Verfassung ageschränkt. Hien ass doduerch verflicht, all Gesetz z'acceptéieren, dat vun der Chamber decidéiert gëtt. D'Parlament stëmmt also d'Gesetzer, déi d'Regierung ëmsetzt.

De Grand-Duc ass awer nach ëmmer de Statschef a vertrëtt eist Land zum Beispill am Ausland, fir d'Frëndschafte mat anere Länner ze fleegen. De Poste vum Grand-Duc gëtt nach ëmmer an der groussherzoglecher Famill verierft an net vum Vollek bestëmmt.

An anere Länner, wou d'Monarchie ofgeschaaft ginn ass, gëtt de Statschef, wéi zum Beispill e President oder eng Presidentin, direkt oder indirekt vum Vollek gewielt, wéi bei eisen däitschen a franséische Noperen.

Dass mir net och eng Presidentin oder e President hunn amplaz vum Grand-Duc, huet haaptsächlech mat eiser Geschicht ze dinn.

Virun allem d'Grand-Duchesse Charlotte, déi wärend dem Zweete Weltkrich zu engem Symbol vun der Resistenz géint déi däitsch Besatzung gi war, huet bei ville Lëtzebuerger e positiivt Bild vun der groussherzoglecher Famill hannerlooss.

POLITIKLEXIKON

Fir verschiddener ass eis Monarchie dowéinst och en Deel vun der LëtzebuergerIdentitéit. Anerer kritiséieren och d'Monarchie zu Lëtzebuerg, well se net demokratesch genuch ass, vu dass de Grand-Duc eben net vum Vollek gewielt gëtt an trotzdeem Afloss op d'Politik am Land huet.

Och a villen aneren europäesche Länner, wéi ënnert anerem an der Belsch, Holland, Dänemark a Spuenien gëtt et haut nach ëmmer Monarchen als Staatscheffen.